N°2090
Entrée le 10.04.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail

**Réponse commune de la Ministre de la Justice, du Ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme et du Ministre du Travail à la question parlementaire N°2090 du 13 mars 2025 de l'honorable Député Jeff ENGELEN concernant « Impact de la transposition de la directive européenne 2019/2121 sur les fusions, transformations et scissions transfrontalières ».**

**Wéi vill Fusiounen, Transformatiounen an Opdeelungen (Scissiounen), déi grenziwwergräifend stattfonnt hunn, hate mir an deene leschten zéng Joer?**

Am Tableau hei drënner sinn d'Statistiken iwwer d'Zuel vun de Gesellschaften, déi am Handels- a Gesellschaftsregister (RCS) ageschriwwe sinn an zënter 2015 Deel vun enger Fusiouns- oder Scissiounsoperatioun waren.

| | Fusion | | Scission | |
|---|---|---|---|---|
| | **Absorption** | **Constitution** | **Absorption** | **Constitution** |
| **2015** | 109 | 0 | 1 | 0 |
| **2016** | 142 | 1 | 0 | 0 |
| **2017** | 146 | 0 | 0 | 0 |
| **2018** | 180 | 0 | 2 | 0 |
| **2019** | 175 | 0 | 0 | 0 |
| **2020** | 214 | 2 | 0 | 0 |
| **2021** | 222 | 0 | 0 | 0 |
| **2022** | 189 | 0 | 1 | 1 |
| **2023** | 164 | 0 | 0 | 0 |
| **2024** | 109 | 0 | 0 | 0 |
| **TOTAL** | **1.650** | **3** | **4** | **1** |

Als Konsequenz vun de Fusiouns- a Scissiounsoperatiounen, déi hei uewen ernimmt goufen, sinn 786 Gesellschaften, déi am RCS ageschriwwe waren, aus dem RCS geläscht ginn.

Et ass ze präziséieren, datt d'Statistiken hei uewen all d'Fusiounen a Scissiounen decken, also och Fusiounen a Scissiounen, déi Gesellschaftsforme betreffen, déi net vun der Direktiv 2019/2121 viséiert sinn, a Fusiounen a Scissioune mat Gesellschaften ausserhalb vun der Europäescher Unioun, déi och net vun dëser Direktiv gedeckt sinn. Wat d'Ausléiseschwell vun 800 Salariéen ugeet, ass et ze präziséieren, datt weder d'Regierung nach de Gestionnaire vum RCS, den LBR, dës Informatioun hunn, well et keng Obligatioun gëtt, dës Informatioun ze kommunizéieren.

Luxembourg, le 10 avril 2025

**(s.) Georges MISCHO**
**Ministre du Travail**